# INNSBRUCK




**INFORMATIOUNSBROSCHÜR 2020**

# Inhalt

**Inhalt** **1**

**Virwuert vum Honorarkonsul** **2**

**Virwuert vum President** **3**

**Innsbruck - In the Heart of the Alps** **4**

D'Bréck iwwert den Inn 4

Innsbrooklyn 5

**D'Universitéiten zu Innsbruck** **6**

Leopold-Franzens-Universität (LFU) 6

Medizinische Universität Innsbruck (MUI) 11

MCI - Management Center Innsbruck 14

azw Innsbruck 16

fh gesundheit Innsbruck 16

UMIT 18

Universität Mozarteum Salzburg Standort Innsbruck 19

**Wat soss nach wichteg ass** **21**

Logement 21

Ëffentlechen Transport 21

Lëtzebuerg-Innsbruck 22

Parken 22

Umeldung bei der Stad Innsbruck 23

Sport 23

Kultur, Fräizäit & Events 24

Krankenversécherung 25

Apps 25

**D'Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck** **27**

**De Comité** **30**

**Den Nol op de Kapp** **33**

**Impressum** **35**

# Virwuert vum Honorarkonsul



GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Consulat honoraire à Innsbruck

Léif Lëtzebuerger Studentinnen a Studenten!

Es sind große Entscheidungen die mit der Wahl des Studiums und des Studienortes verbunden sind. Wo liegen meine Interessen? Welches Studium genau soll ich mir anschauen? Wo gibt es ein wissenschaftlich, kulturell und sozial stimulierendes Umfeld.

Die Vielfalt der im Raum Innsbruck von 4 Universitäten, LFU, MUI, MCI und UMIT angebotenen Studienrichtungen und Fächer deckt ein breites Spektrum an Interessensgebieten ab. Es wird aber nicht nur Vielfalt sondern auch Qualität geboten. Im aktuellen Hochschulranking der Universität Leiden, der ältesten Universität der Niederlande, finden sich die 2 größten Universitäten in den vorderen Rängen. Die Medizinische Universität Innsbruck (MUI) belegt im Jahr 2018 laut diesem Indikator europaweit Platz 170 und die Leopold-Franzens-Universität (LFU) den 146. Platz.

Was man als zusätzlichen Gewinn für eine Studienstadt ansehen soll, sind die vielfältigen sportlichen Sommer- aber auch Winteraktivitäten. Innsbruck ist in den letzten Jahren zu einer hippen Stadt mit einer lebendigen „Studentenszene" mutiert. Dazu gehört auch der Club der luxemburgischen Studierenden (LSI), der sich in den letzten Jahren mit einer Vielzahl an Aktivitäten als wahre Vertretung der Studierender luxemburgischer Nationalität etabliert hat.

Das luxemburgische Konsulat bietet Unterstützung bei Fragestellungen mit österreichischen Behörden an und organisiert seit einigen Jahren einen Empfang an dem neben den Studierenden auch Vertreter der Tiroler Politik, Wissenschaft, Kultur und Wirtschaft eingeladen sind.

Ech wënschen gutt Entschédungen an eventuell e gudde Start zu Innsbruck.

Prof. Dr. Armand Hausmann
Consul honoraire du Grand-Duché de Luxembourg en Autriche
Consulat pour le Tirol et le Vorarlberg
luxemburgisches.honorarkonsulat@gmail.at
Tel: +43-512-504-81620

# Virwuert vum President



Servus léif Memberen, Frënn a Partner,

De Studium ass deen Deel, deen dech soll op däi Liewe virbereeden. Et kennt een an eng nei Stad mat frieme Leit, enger neier Kultur a villen neien Optiounen. Dat ass de Start vun engem ganz wichtegen, awer och schéine Liewensofschnëtt.

Innsbruck ass heifir wei gemaach. Eng studentefrëndlech, aktiv a familiär Stad. Fräizäitméisseg oder och fir ze leieren, kann een hei op de Bierg, bei de Floss an op vill aner schéi Plazen. Innsbruck ass eng kleng Stad mat engem groussen Häerz. Hei ass jidderee Wëllkomm. Ee Véierel vun der Stad besteet aus Studenten, wat ee kulturell direkt ze spiere kritt, andeems et un Offere vun Events an Aktivitéiten zu Dages- a Joreszäit net feelt.

Den LSI versicht heibäi all de Studenten ze hëllefen an d'Studenteliewen eranzekommen, an dëst och mat voller Freed ze bestreiden. Mir bréngen d'Léit zesummen, fir dat si net eleng duerch déi awer schwéier Zäit mussen. Bei Froe gi mir natierlech eis Bescht dës ze beäntwerten. Fir dat ze erreechen, stinn honnerte Studenten hannert eis, wei och d'ACEL an d'Honorarkonsulat vu Lëtzebuerg hei zu Innsbruck.

Dës Broschür weist Iech wat et hei zu Innsbruck ze erliewe gëtt, wat en hei alles ka studéieren an och eis, den LSI, bei dem dofir ëmmer Är Froe kennt hannerloossen.


Ech hoffen, dat dës Broschür dir e gudden Abléck an eis d'Studenteliewen zu Innsbruck vermëttelt an dat mir dech kennen a noer Zukunft hei begréissen dierfen.

Bei all Froe steet eise Comité dir zur Verfügung. Gäre kanns du eis och per Mail, Facebook oder och Instagram eng Noriicht hannerloossen.

Pfiat di a bis geschwënn!

Carlo Glod

Äre President




# Innsbruck - In the Heart of the Alps

Innsbruck befënnt sech am Weste vun Eisterräich am Dall vun zwou Gebiergsketten. Als Haaptstad vun Tirol gëtt Innsbruck nërdlech vun der Nordketten, der südlechster Kette vum Karwendel, gekréint an am Süde leien d'Zentralkette vun den Alpen mam Patscherkofel, dem Hausberg, der Stad zu Féiss. Duerch den Dall, dem Inntal, fléisst, wei den Numm et scho seet, de Floss Inn. Vum Schwäizer Majolapass bis zu senger Mëndung an d'Donau zu Passau, leet den Inn 517 km zeréck an ass esou ee vun de gréissten Alpenfléss iwwerhaapt.

Mat ronn 150.000 Awunner, wouvunner em di 30.000 Studente sinn, ass Innsbruck di meescht bewunnte Stad an Tirol an di fënneftgréissten, dat no Wien, Graz, Linz a Salzbuerg, a ganz Eisterräich.



## D'Bréck iwwert den Inn

D'Regioun em den Inn, wou sech haut Innsbruck befënnt, ass scho vun der Steenzäit un bewunnt. 15 v. Chr. hunn d'Réimer hei de Kastell Veldidena am heidege Staddeel Wilten erriicht. Duerch seng geografesch Lag, wou d'Stroossen aus der italienescher Brennerregioun (de Brennerpass ass den nidderegste Punkt fir iwwert den Alpenhaaptkamm) mat den Viralpenstrooßen, v.a. och aus Däitschland, zesumme koumen, war Innsbruck scho frei eng wichteg Stad fir Handel an Transitverkéier.
1133 hunn di bayresch Grofe vun Andechs am heidegen Deel St. Nikolaus en Maart opgeriicht. De mëttelalterleche Grondstee fir d'Zukunft fir d'Duerf, dat 1167 fir d'éischt als *Inspruk*, wat esou vill heescht wei d'Bréck iwwert den Inn, erwäänt gouf, war geluecht.



Iwwert d'Joren gouf d'Duerf um Waasser weider ausgebaut a gouf zwëschen 1187 an 1204 zur Stad mat Rechter erhuewen. 1420 gëtt Innsbruck da souguer zur Residenzstad

vun den Tiroler Herzogen ernannt an erlieft ënnert dem Kaiser Maximiliam I (1459-1519) säin Héichpunkt.



Ënnert dem Kaiser Maximiliam I, deen net nëmmen als leschte Ritter, mee och als éischten Europäer bezeechent gëtt, entsteet ënnert anerem d'Warzeeche vun Innsbruck: d'Goldene Dachl. Innsbruck war deemools de Mëttelpunkt vun Europa a war duerch d'Mënzprägerei zu Hall, wou den éischten Taler an d' Gebuertsstonn vum Dollar war, d'Welt mat gepräägt.

U weider Bekanntheet huet Innsbruck vun 1806 bis 1814 duerch Fräiheetskämpf ënnert dem Kommando vum Andreas Hofer, deen 1810 vum Lëtzebuerger Michel Eiffes zu Mantua an Italien higeriicht gouf, géint di bayresch an napoleonesch Truppe gewonnen.



No schwéieren Zäiten am 20. Joerhonnert, v.a. duerch den Zweete Weltkrich, ass Innsbruck zu engem Zentrum vum Wantersport ginn an hei goufen 1964 an 1976 di Olympesch Wanterspiller ausgedroen.

Innsbruck erfreet sech haut un engem groussen kulturellem Räichtum an enger moderner Architektur dank dem Zaha Hadid. A wann och Wien di offiziell Haaptstad ass, sou ass Innsbruck awer definitiv d'Sportshaaptstad vun Eisterraich.



## Innsbrooklyn

Innsbruck brauch sech sécherlech net hannert Stied wei Wien oder Salzburg oder aner Metropolen ze verstoppen. Als Studentestad ass Innsbruck jonk, modern a sportlech. Egal op Kultur, Sport oder Nuetsliewen, zu Innsbruck ass ëmmer eng lass. Mee net nëmme bei Studenten, mee och bei den Touristen ass Innsbruck enorm beléift, wat een un de Masse vun Italiener a Busse vu Chinese gesäit. Zousätzlech ass Innsbruck e Knuetpunkt zu all Schigebitt. Néierens soss kann een innerhalb vun 20 Minutten an esou vill verschidde Schigebitter si wei hei zu Innsbruck.
[https://www.innsbruck.at]






# Leopold- Franzens-Universität (LFU)

## Wat ass d'LFU?

Säit 1669 besëtzt Innsbruck mat der Leopold-Franzens-Universität eng eegen Universitéit. Niewent Tirol war d'Uni Innsbruck och d'Universitéit vu Südtirol, Welschtirol, Liechtenstein a Lëtzebuerg.

D'Leopold-Franzens-Universität ass di gréissten Universitéit a West-Eisterräich an huet eng ronn 28.000 Léit, déi hei studéieren. Si besteet aus 16 Fakultéiten an 81 Instituter. Des Fakultéiten si queesch duerch ganz Innsbruck verdeelt, wat den Innsbrucker Charakter vun der Studentestad ënnersträicht.

## Wat kann een alles hei studéieren?

Praktesch kann een hei bal alles studéieren. All d'Studiëgäng déi d'LFU ubitt, sinn an der Tabell op der nächster Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Reegelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.

## Wei gëtt een op der LFU ugeholl?

Fir di meeschte Studiëgäng gëtt et keng besonnesch Viraussetzungen, eng Première geet fir e Bachelorstudium duer. Fir e Masterstudium ass natierlech e Bachelor Viraussetzung.

D'Bewerbung gëtt Online op der Internetsäit vun der LFU beim jeeweilege Studium gemaach. D'Umellungsfrist fir d'Wantersemester ass meeschtens bis Ufank September a fir d'Summersemester bis Ufank Februar.
Fir verschidde Studiëgäng gëtt et och en speziellt Opnameverfahren. Dëst besteet amfong aus enger Opnameprüfung, dei'ste zu Innsbruck muss schreiwen. D'betraffe Studiëgäng souwéi och de genauen Oflaf ännert sech vu Joer zu Joer. Dofir ass et eng ganz gutt Méiglechkeet, sech einfach direkt um Internet iwwert di aktuell Situatioun ze informéieren.
[https://www.uibk.ac.at/studium/anmeldung-zulassung/]
Fir verschidde Studiëgäng muss een eng Zousazprüfung, dei een awer nach wärend dem Studium maache kann, maachen. Di Zousazprüfung muss een awer nëmme maachen, wann een dat Fach oder sou eppes Ähnleches nach net am Lycée hat. Wann een et schonn hat, da muss een et sech nëmmen unerkenne loossen.

## Wei héich sinn d'Studiëgebühren?

Mir si vun de Studiëgebühre befreit. Dat Eenzegt, wat ee bezuele muss, ass säin ÖH-Beitrag (Österreichische Hochschülerschaft). Dësen ännert sech vu Semester zu Semester a beleeft sech op ongeféier 20€.

| Studium | Semester | Zousazprüfung |
|---|---|---|
| **Fakultéit fir Architektur** | | |
| Bachelor Architektur | 6 | Darstellende Geometrie |
| Master Architektur | 4 | - |
| Doktorat Architektur | 6 | - |
| **Fakultéit fir Betribswëssenschaften** | | |
| Bachelor Wirtschaftswissenschaften | 6 | - |
| Diplom Internationale Wirtschaftswissenschaften | 8 | - |
| Master Accounting, Auditing an Taxation | 4 | - |
| Master Banking and Finance | 4 | - |
| Master Wirtschaftsinformatik | 4 | - |
| Master Organization Studies | 4 | - |
| Master Strategisches Management | 4 | - |
| Master Wirtschaftspädagogik | 5 | - |
| Doktorat/PhD | 6 | - |
| **Fakultéit fir Bildungswëssenschaften** | | |
| Bachelor Erziehungswissenschaften | 6 | - |
| Master Erziehungs- und Bildungswissenschaften | 4 | - |
| Doktorat/PhD Erziehungs- und Bildungswissenschaften | 6 | - |
| **Fakultéit fir Biologie** | | |
| Bachelor Biologie | 4 | Biologie und Umweltkunde |
| Master Environmental Management of Mountain Areas | 4 | - |
| Master Botanik | 4 | - |
| Master Mikrobiologie | 4 | - |
| Master Molekulare Zell- und Entwicklungsbiologie | 4 | - |
| Master Ökologie und Biodiversität | 4 | - |
| Master Zoologie | 4 | - |
| Doktorat/PhD Biologie | 6 | - |
| **Fakultéit fir Chimie a Pharmazie** | | |
| Bachelor Chemie | 6 | - |
| Bachelor Pharmazie | 6 | Biologie und Umweltkunde |
| Master Chemie | 4 | - |
| Master Material- und Nanowissenschaften | 4 | - |
| Master Pharmazie | 4 | - |
| Doktorat Chemie | 6 | - |
| Doktorat/PhD Pharmazeutische Wissenschaften | 6 | - |

| | | |
|---|---|---|
| **Fakultéit fir Geo- an Atmosphärewëssenschaft** | | |
| Bachelor Atmosphärenwissenschaft<br>Bachelor Erdwissenschaften<br>Bachelor Geographie<br><br>Master Atmosphärenwissenschaft<br>Master Erdwissenschaft<br>Master Geografie: Globaler Wandel - regionale Nachhaltigkeit<br>Master Umweltmeterologie<br><br>Doktorat/PhD Atmosphärenissenschaft<br>Doktorat/PhD Erdwissenschaft<br>Doktorat/PhD Geografie | 6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br>4<br><br>6<br>6<br>6 | -<br>Biologie und Umweltkunde<br>-<br><br>-<br>-<br>-<br>-<br><br>-<br>-<br>- |
| **Fakultéit fir Educatioun** | | |
| Bachelor Islamische Religionspädagogik<br><br>Master Islamische Religionspädagogik<br><br>Doktorat/PhD Education | 6<br><br>4<br><br>6 | -<br><br>-<br><br>- |
| **Fakultéit fir Mathematik, Informatik a Physik** | | |
| Bachelor Technische Mathematik<br>Bachelor Informatik<br>Bachelor Physik<br><br>Master Technische Mathematik<br>Master Informatik<br>Master Physik<br><br>Doktorat/PhD Mathematik<br>Doktorat/PhD Informatik<br>Doktorat/PhD Physik | 6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br><br>6<br>6<br>6 | -<br>-<br>-<br><br>-<br>-<br>-<br><br>-<br>-<br>- |
| **Fakultéit fir Psychologie a Sportswëssenschaften** | | |
| Bachelor Psychologie<br>Bachelor Sportmanagement<br>Bachelor Sportwissenschaft<br><br>Master Psychologie<br>Master Sportwissenschaft<br><br>Doktorat/PhD Psychologie<br>Doktorat/PhD Sportwissenschaft | 6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br><br>6<br>6 | Opnameverfahren<br>kierperlech Eegnung<br>kierperlech Eegnung<br><br>Opnameverfahren<br>-<br><br>-<br>- |

| | | |
|---|---|---|
| **Fakultéit fir sozial a politesch Wëssenschaften** | | |
| Bachelor Soziologie<br>Bachelor Politikwissenschaften<br><br>Master Soziologie: Soziale und politische Theorie<br>Master Gender, Culture and Social change<br>Master Politikwissenschaften: Europäische und internationale<br><br>Doktorat/PhD Soziologie<br>Doktorat/PhD Politikwissenschaften | 6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br><br>6<br>6 | -<br>-<br><br>-<br>-<br>-<br><br>-<br>- |
| **Fakultéit fir Technesch Wëssenschaften** | | |
| Bachelor Bau- und Umweltingenieurswissenschaften<br>Bachelor Elektrotechnik<br>Bachelor Mechatronik<br><br>Master Bauingenieurwissenschaften<br>Master Mechatronik<br>Master Umweltingenieurwissenschaften<br><br>Doktorat Technische Wissenschaften | 6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br><br>6 | Darstellende Geometrie<br>-<br>Darstellende Geometrie<br><br>-<br>-<br>-<br><br>- |
| **Fakultéit fir Vollekswirtschaft a Statistik** | | |
| Bachelor Wirtschaft, Gesundheit- und Sporttourismus<br>Bachelor Wirtschaftswissenschaften - Management and Economics<br><br>Master Angewandte Ökonomik - Applied Economics<br><br>Doktorat/PhD | 6<br>6<br><br>4<br><br>6 | -<br>-<br><br>-<br><br>- |
| **Kathoulesch-Theologesch Fakultéit** | | |
| Diplom Katholische Fachtheologie<br><br>Bachelor Katholische Religionspädagogik<br>Bachelor Philosophie<br><br>Master Katholische Religionspädagogik<br>Master Philosophie<br><br>Doktorat<br>Doktorat/PhD | 10<br><br>6<br>6<br><br>4<br>4<br><br>6<br>6 | Latein & Griechisch<br><br>-<br>Latein<br><br>-<br>-<br><br>-<br>- |

| | | |
|---|---|---|
| **Philologesch-Kulturwëssenschaftlech Fakultéit** | | |
| Bachelor Anglistik und Amerikanistik<br>Bachelor Französisch<br>Bachelor Germanistik<br>Bachelor Italienisch<br>Bachelor Slawistik<br>Bachelor Spanisch<br>Bachelor Sprachwissenschaft<br>Bachelor Translationswissenschaft<br>Bachelor Vergleichende Literaturwissenschaft<br><br>Master Anglistik und Amerikanistik<br>Master Germanistik<br>Master Klassische Philologie - Latein<br>Master Medien<br>Master Romanistik<br>Master Slawistik<br>Master Sprachliche und literarische Varietäten in der frankophonen Welt<br>Master Sprachwissenschaft<br>Master Translationswissenschaft<br>Master Vergleichende Literaturwissenschaft<br><br>Doktorat Literatur- und Kulturwissenschaft<br>Doktorat Sprach- und Medienwissenschaft | 6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br><br>4<br>4<br>4<br><br>6<br>6 | Latein<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br>-<br>Latein<br><br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br><br>-<br>-<br>-<br><br>-<br>- |
| **Philosophesch-Historesch Fakultéit** | | |
| Bachelor Archäologien<br>Bachelor Classica et Orientalia<br>Bachelor Europäische Ethnologie<br>Bachelor Geschichte<br>Bachelor Kunstgeschichte<br>Bachelor Musikwissenschaft<br>Bachelor Philosophie<br><br>Master Alte Geschichte und Altorientalistik<br>Master Archäologien<br>Master Europäische Ethnologie<br>Master European Master in Classical Cultures<br>Master Geschichte<br>Master Kunstgeschichte<br>Master Musikwissenschaft<br>Master Philosophie<br><br>Doktorat Philosophie | 6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br>6<br><br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br>4<br><br>6 | Latein<br>Latein<br>-<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br>Latein<br><br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br>-<br><br>- |
| **Rechtswëssenschaftlech Fakultéit** | | |
| Bachelor Wirtschaftsrecht<br><br>Master Wirtschaftsrecht | 6<br><br>4 | -<br><br>- |




# Medizinische Universität Innsbruck (MUI)

## Wat ass d'MUI?

D'Medizinische Universität Innsbruck gouf 2004 als eegestänneg Universitéit gegrënnt an ass aus der Leopold-Franzens-Universität ervirgaangen. Sie ass eng vun deene gréissten Ausbildungsplaze fir d'Medeziner an d'medezinesch Fuerscher an Eisterräich. Schonn ab dem Ufank vum Studium, gëtt op eng Praxis-no a Patienten-orientéiert Ausbildung Wäert geluecht.

## Wat kann een alles hei studéieren?

Studiëgäng vun der MUI sinn an der Tabell ënnen op der Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Reegelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.

## Wei gëtt een op der MUI ugeholl?

En Numerus Clausus gëtt hei net gefrot. Mee et muss een en Opnamexame maachen, egal op molekular, Human- oder Zahnmedizin. Dësen Test fënnt ëmmer Ufank Juli statt. Den Test ënnerscheet sech jee no dem wat een da well studéieren.
Fir seng Chancen ze erhéije fir ugeholl ze ginn, sollt een sech scho bëssen op den Test virbereeden.
Zu den eenzelen Opnameverfahren, fënn'ste op den nächster Säit nach mi genau Informatiounen.

| Studium | Semester | Opnameverfahren | Plazen |
|---|---|---|---|
| Diplom Humanmedizin | 12 | MedAT-H | 360 |
| Diplom Zahnmedizin | 12 | MedAT-Z | 40 |
| Bachelor Molekulare Medizin | 6 | QMM-BSc + Interview | 30 |
| Master Molekulare Medizin | 4 | QMM-MSc | 30 |

## MedAT - Opnametest fir Medizin an Eisterräich

De MedAT ass den Opnamexamen deen entscheet op een eng Studiëplaz kritt oder net. Den Test muss een an der gewënschte Studiëstad schreiwen an dauert dee ganzen Daach, mat enger Stonn Mëttespaus. E besteet aus 4 Deeler, di ënnen méi genau erklärt ginn. D'Zuelen a Prozent an der Tabell bezeechne wei vill deen Testdeel zum Resultat herno beidreit.

De MedAT ass a ganz Eisterräich dee selwechten an ass och iwwerall dee selwechten Daach. Dat heescht, dass een sech nëmmen an enger eisterräichecher Stad umelle kann, an et muss en och nodeems een ugeholl ginn ass, an där Stad studéiere wou een den Test geschriwwen huet. Et kann een also net den Test zu Innsbruck schreiwen, dee packen an dann awer op Wien Medezin studéiere goen.

### Virbereedung

Den Test selwer entwéckelt sech vu Joer zu Joer weider, sou rode mer der un Detailer bei Virbereedungsufank nach emol genau nozekucken.
Um Internet fënnt een eng risegen Unzuel u Bicher a Kure mat deenen een sech op den Test virbereede kann. Do muss jidderee fir sech selwer kucke wat engem am beschte leit a wei een sech am léifsten dorop virbereet.

Bekanntlecherweis ass ee mat enger 1ère C scho gutt op de Wëssensdeel virbereed, et muss een natierlech just dat Ganzt nach op Däitsch beherrschen. Wann een sech da fir de Recht bësse virbereet stinn d'Chancë guer net sou schlecht eng Plaz ze kréien. Dat leit ënnert anerem och dorun dass d'Lëtzebuerger zur Eisteräichquote gehéieren, deene 75% vun de Studiëplazen zoustinn. Leider gëllt dat just nach fir d'Humanmedeziner. Wëll dat ëmmer erëm changéiert, rode mer iech sech ëmmer sëlwer um lafenden ze halen iwwert hier Internetsäit. [http://www.medizinstudieren.at]

| MedAT-H | MedAT-Z |
|---|---|
| **40% Basiskenntnistest Medizinische Studien**<br>• Biologie<br>• Chemie<br>• Physik<br>• Mathematik | **40% Basiskenntnistest Medizinische Studien**<br>• Biologie<br>• Chemie<br>• Physik<br>• Mathematik |
| **10% Textverständnis** | **20% Manuelle Fertigkeiten**<br>• Drahtbiegetest<br>• Formen spiegeln |
| **40% Kognitive Fähigkeiten und Fertigkeiten**<br>• Figuren zusammensetzen<br>• Gedächtnis und Merkfähigkeit (Allergieausweis)<br>• Zahlenfolgen<br>• Wortflüssigkeit<br>• Implikationen erkennen | **40% Kognitive Fähigkeiten und Fertigkeiten**<br>• Figuren zusammensetzen<br>• Gedächtnis und Merkfähigkeit (Allergieausweis)<br>• Zahlenfolgen<br>• Wortflüssigkeit<br>• Implikationen erkennen |
| **10% Sozial-emotionale Kompetenzen**<br>• Soziales Entscheiden<br>• Emotionen erkennen | **10% Sozial-emotionale Kompetenzen**<br>• Soziales Entscheiden<br>• Emotionen erkennen |

CFL



« VALORISEZ VOS TALENTS DE TOUTES LES MANIÈRES POSSIBLES. »

NOS CLIENTS
NOTRE PASSION
#MYJOB

WWW.JOBSCFL.LU




# MCI - Management Center Innsbruck

© Bernhard Hörtnagl

## Wat ass den MCI?

De Management Center Innsbruck ass eng Privatuni am Zentrum vun Innsbruck, op där een op däitsch an op englesch studéiere kann.

## Wat kann een alles hei studéieren?

Studiëgäng vum MCI sinn an der Tabell ënnen op der Säit zesummegefaasst. D'Tabell ass nëmmen indikativ an entsprécht der Reegelstudienzäit. Dës kann awer variéieren.

Do et sech ëm eng Privatuni handelt, kënnen, nieft dem ÖH-Beitrag, zousätzlech Studiëgebühren ufalen.

## Wei gëtt een um MCI ugeholl?

Als aller eicht muss een sech online bewerben, mat engem Motivatiouns-schreiwes an engem Liewenslaf. Wann dat geklappt huet, gëtt een ageluede fir un der schrëftlecher Opnamprüfung deelzehuelen. Schlussendlech muss een dann och nach fir en perséinlecht Gespréich op Innsbruck kommen.

| Studium | Semester | Sprooch |
|---|---|---|
| **Wirtschaft & Gesellschaft** | | |
| Bachelor Betriebswirtschaft (Online) | 6 | DE / EN |
| Bachelor Management & Recht | 6 | DE |
| Bachelor Management, Communication & IT | 6 | DE |
| Bachelor Nonprofit-, Sozial- & Gesundheitsmanagement | 6 | DE |
| Bachelor Soziale Arbeit | 6 | DE |
| Bachelor Tourismus & Freizeitwirtschaft | 6 | DE |
| Bachelor Wirtschaft & Management for Professionals | 6 | DE |
| Bachelor Business & Management | 6 | EN |

| | | |
|---|---|---|
| Master Entrepreneurship & Tourismus | 4 | DE & EN |
| Master Soziale Arbeit, Sozialpolitik & -management | 4 | DE |
| Master Corporate Governance & Finance | 4 | EN |
| Master European Health Economics & Management | 4 | EN |
| Master International Business & Management | 4 | EN |
| Master International Business & Law | 4 | EN |
| Master Health & Social Management | 4 | EN |
| Master Management, Communication & IT | 4 | EN |
| **Technologie & Life Sciences** | | |
| Bachelor Bio- & Lebensmitteltechnologie | 6 | DE |
| Bachelor Digital Business & Software Engineering | 6 | DE |
| Bachelor Mechatronik | 6 | DE |
| Bachelor Umwelt-, Verfahrens- & Energietechnik | 6 | DE |
| Bachelor Wirtschaftsingenieurwesen | 6 | DE |
| Master Biotechnologie | 4 | DE |
| Master Lebensmitteltechnologie & Ernährung | 4 | DE |
| Master Mechatronik & Smart Technologies | 4 | DE / EN |
| Master Umwelt-, Verfahrens. & Energietechnik | 4 | DE / EN |
| Master Wirtschaftsingenieurwesen | 4 | DE |
| Master Medical Technologies | 4 | EN |






Quelle: https://www.prefa.at/news/all/azw-innsbruck-prefa-meistert-operation-am-offenen-herzen-1/

## azw Innsbruck


Den AZW ass en Ausbildungszentrum zu Innsbruck fir Gesondheetsberuffer. Hei kann een eng Hellewull u Gesondheetsberuffer, wei d'Pflegeausbildung oder medezinesch Assistenzberuffer, léieren.

Di genau Opléschtung vun de méigleche Studiëgäng a weider Informatioune fënn'ste op hirer Internetsäit. [www.azw.ac.at]

## fh gesundheit Innsbruck

D'fh gesundheit ass eng Fachhéichschoul zu Innsbruck, wou een eng Partie Gesondheetsberuffer studéiere kann. Et handelt sech em eng Privatschoul, dofir sinn d'Gebühre pro Semester och méi héich wéi soss. Wat een alles hei maache kann, ass an der Tabell zesummegefaasst. Villes kann een och beruffsbegleedend studéieren. [www.fhg-tirol.ac.at]

| Studium | Semester | Studiëplazen |
|---|---|---|
| Bachelor Augenoptik | 6 | 24 |
| Bachelor Biomedizinische Analytik | 6 | 26 |
| Bachelor Diaetologie | 6 | 16 |
| Bachelor Ergotherapie | 6 | 24 |
| Bachelor Gesundheits- und Krankenpflege | 6 | 102 |
| Bachelor Hebamme | 6 | 25 |
| Bachelor Logopädie | 6 | 24 |
| Bachelor Physiotherapie | 6 | 26 |
| Bachelor Radiologietechnologie | 6 | 24 |
| | | |
| Master Advanced Practice Midwifery | 5 | 18 |
| Master Biomedical Sciences | 5 | 22 |
| Master Ergotherapie und Handlungswissenschaft | 6 | 20 |
| Master Ernährungskommunikation | 5 | mind. 14 |
| Master Handlungswissenschaft | 6 | 20 |
| Master Klinische Diaetologie | 5 | mind. 14 |
| Master of Business Administration im Gesundheitswesen | 4 | 26 |
| Master Osteopathie | 5 | 16 |
| Master Pädagogik in Gesundheitsberufen | 4 | 25 |
| Master Qualität- und Prozessmanagement im Gesundheitswesen | 4 | 25 |
| Master Radiological Technologies | 5 | 18 |
| Master Suchtarbeit | 5 | mind. 10 |
| Master Suizidologie | 5 | mind. 10 |






# UMIT

© UMIT/fotokern

D’UMIT - Private Universität für Medizinische Informatik und Technik ass eng Privatuniversitéit op där een ouni Numerus Clausus studéieren kann.

Et ass eng Uni fir Gesondheetswëssenschaften, medizieniesch Informatik an Technik. Am Moment zielt d’Uni ronn 1800 Studenten. Den gréisste Deel vun hiren Studiëgäng sinn zu Hall in Tirol, wat eng 15 Minutten mam Auto vun Innsbruck fort ass. Et ass eng relativ kleng Staat, mee dofir awer eng vun deenen schéinsten aus ganz Tirol.

Di genau Opleschtung vun de méigleche Studiëgäng a weider Informatioune fënn’ste op hirer Internetsäit. [www.umit.at]




# Universität Mozarteum Salzburg
## Standort Innsbruck

D’Universität Mozarteum ass primär zu Salzburg lokaliséiert. Säit 1981 huet se awer och e Standuert zu Innsbruck, op deem een eng Partie Museksberuffer léiere kann, ënnert anerem kann een do Musekserzéiung der Instrumental- a Gesangspädagogik studéieren.

Di genau Oplëschtung vun de méigleche Studiëgäng a weider Informatioune fënn’ste op hirer Internetsäit. [http://moz.ac.at/department.php?o=14012]

## JOIN OUR TEAM

**L.S.C.** Engineering Group S.A.

Concevoir et construire des projets durables

Regroupées au sein de L.S.C. Engineering Group S.A., les sociétés d'ingénieurs-conseils **Luxplan, Simon-Christiansen & Associés, Géoconseils, Zilmplan et BSC** associent quotidiennement leur savoir-faire afin de pouvoir répondre aux exigences du marché en matière de génie civil.


Nos domaines d'activités sont les suivants :


- *Infrastructures routières et ferroviaires*
- *Direction des travaux,*
- *Construction et Statique de Bâtiments*
- *Ouvrages d'art,*
- *Urbanisme et l'aménagement du territoire*
- *Études de trafic et de mobilité*
- *Géologie et Hydrogéologie*
- *Études environnementales et forestières*
- *Topographie*
- *Systèmes d'Information Géographiques (SIG)*
- *Techniques spéciales*
- *Project management*

En constante évolution, notre groupe recherche de nouveaux collaborateurs pour développer son savoir-faire.

Si l'un de ces secteurs correspond à vos critères de compétences, n'hésitez pas à nous adresser une candidature spontanée à cette adresse mail – jobs@lsc-group.lu – ou par courrier à l'adresse ci-dessous.

***Nous garantissons un emploi stable et intéressant dans un cadre dynamique!***



www.lsc-group.lu | www.simon-christiansen.lu | www.luxplan.lu | www.geoconseils.lu | www.zilmplan.lu | www.luxsense.lu | www.bsc.lu
Parc d'activités 85-87 | B.P. 108 | L-8303 Capellen | Tél. : (+352) 26 390-1 | jobs@lsc-group.lu



# Wat soss nach wichteg ass

## Logement

Wann Innsbruck och elo keng riseg Stad ass, sou huet se awer eng ganz Rëtsch u Wunnméiglechkeeten. Sou kann'ste de beispillsweis bei der ÖH-Wohnungsbörse sichen. Do kanns de eege Wunnengen an och WG'en fannen.
[https://www.oehboersen.at]

Du hues och d'Méiglechkeet an d'Studentewunnheem (ISH) en Zëmmer oder eng WG ze fannen.
[http://studentenhaus.info/index.php/de/]



Oder och a Facebook-Gruppe wei „Wohnungsbörse Innsbruck“ a „Innsbrucker Wohnungsmarkt im Facebook“ kann'ste de och kucke goe fir déi perfekte Wunneng oder WG ze fannen.

An natierlech kann'ste och direkt bei Immobilière zu Innsbruck ze kucken. Di si ganz oft ganz frou fir Lëtzebuerger Mieter (wei iwwerhaapt) ze kréien. Natierlech muss een hei bedenken, dass een eng Maklergebühr bezuele muss.

## Ëffentlechen Transport

Mat de Bus- an Tramslinne vun der Stad Innsbruck (IVB) kenns de iwwerall hin. Si si bal ëmmer pünktlech a gi vun de Innsbrucker Studente mat vill Léift als "IVB-Racing Team" genannt. Du hues d'Méiglechkeet de Semesterticket ze kafen (139,20€, kann awer variéieren), mat deem'ste fir en ganzt Semester onbegrenzt an der Kernzone (méi brauch een och net) vun Innsbruck fuere kanns.



Et ginn awer och aner Tickete wei zum Beispill fir eng Faart, Woch oder Mount. [https://www.ivb.at/de/fahrgast/tickets/uebersicht-tickets.html]

Et muss een zu Innsbruck awer och kee Bus oder Tram huelen, mee et kann een och alles mam Vëlo maachen. Innsbruck leit an engem Dall un engem Floss an ass soumat relativ flaach. Iwwer di zuelräich Vëlosweeër, di ganz Innsbruck an doriwwer eraus vernetzen, kann'ste och séier vun A op B kommen. Falls een nach keen eegene Vëlo huet oder säin emol futti ass, kann een och en ëffentleche Stadvëlo benotzen. [https://stadtrad.ivb.at]



## Lëtzebuerg-Innsbruck

Fir vu Lëtzebuerg op Innsbruck ze kommen, an ëmgedréint, hues du puer Méiglechkeeten.

Di bequeemste Method ass sécherlech mam Fliger. Innsbruck huet en eegene Fluchhafen a säit Kuerzem flitt d'Luxair och op Innsbruck. Leider ass dës Destinatiioun nach nei, sou dass d'Zäitraim, wou se fléien, nach oft ännneren. Mee et ass definitiv derwäert emol eranzeluussen ob e Fliger nach flitt. Anescht kannste fir d'éischt op Münche fléien an do de Flixbus op Innsbruck huelen. De ganzen Transport, Fliger plus de Bus, kascht, soulaang een ënner 25 Joer ass a jee nodeem wéini ee bucht, ëm di 150€ Aller-Retour. A wannste et nach net wosst, d'Luxair bitt och e spezielle Studententarif (bis 27) un, wou ee fir 199€ fléie kann, egal wei vill den Ticket kascht. [www.luxair.lu] [www.flixbus.de]

Et géif och di Méiglechkeet gi mat enger anerer Airline direkt op Innsbruck ze fléien, mee do misste dann ënnerwee ëmklammen an et gëtt meeschten däitlech mi deier.

Eng aner ganz beléifte Méiglechkeet ass mam Auto. Hei ginn en Gros 2 Strecken, nämlech iwwer Däitschland oder iwwer d'Schwäiz. Jee no Streck brauchste tëschent 6 an 8 Stonnen. E Virdeel vum Auto zu Innsbruck ass natierlech, dasste een hues fir Schi fueren ze goen. Sollste selwer mat dengem Auto kommen, brauchste eng Vignette fir Eisterräich, a jee no Streck och fir d'Schwäiz. Wannste net selwer mam Auto wëlls kommen, gëtt och nach d'Méiglechkeet mat engem anere matzefueren. Am Beschten informéiertste dech do an der Facebook-Grupp „Mitfahrbörse IBK-Lux / Lux-IBK". Hei poste reegelméisseg Persounen, wann se an déi eng oder aner Richtung fueren. Du kanns och selwer dra posten a froe wéini ee géif fueren. Dat kascht dech dann normalerweis 20€ fir een Trajet (Participatioun Bensin, ass awer vum Chauffer ofhängeg).

Du kanns och mam Zuch op Innsbruck oder erëm heem fueren. Et gëtt awer keen direkten Zuch tëschent Lëtzebuerg an Innsbruck. Et ginn eng ganz Partie u méigleche Verbindunge wou ee muss ëmklammen an et gëtt mëttlerweil och en Nuetszuch dee fir ca. 70€ tëscht München a Lëtzebuerg fiert.
[https://www.oebb.at]
[https://www.bahn.de/]



## Parken

Sollste dech entscheede mam Auto op Innsbruck ze kommen, oder deng Kollegen a Famill emol op Besuch sinn, da kann et interessant sinn ze wësse wousste däin Auto kanns parken a wat dat eventuell kascht.

Du kanns eng Parkplaz iergendwou, z.B. an enger Déifgarage, lounen. Bei verschidde Wunnengen ass eng

Parkingsméiglechkeet dobäi. Meeschtens kascht dat ëm di 70€ pro Mount.

Gratis parken ass leider zu Innsbruck bal net méi bis iwwerhaapt net méi méiglech.

Bei der Olympiaworld gëtt et och en Parking (P+R) wou ee fir 14€ den Dag den Auto ka stoe loossen.[https://www.ivb.at/de/fahrgast/mobilitaet/park-ride.html]

Zu Innsbruck gëtt et och eng ganz Rei vun Déifgaragen an deenen een zu verschiddene Präisser stoe kann. [http://www.innsbruckmarketing.at/parken.html]

Op de Stroossesäiten, op deene blo markéierte Plazen, kann een och parken. Do muss een dann d’Schëlter berécksiichtegen an op der Parkauer kucke wéi vill et kascht a wéi laang een dierf stoe bleiwen. Meeschtens muss ee vun Owes bis Moies a Sonndes net bezuelen.



## Umeldung bei der Stad Innsbruck

Wannste zu Innsbruck deng Wunneng fonnt hues, sollste bei der Stad Innsbruck beim Biergeramt däi Wunnsëtz umellen. Sollste dat net maachen an et kënnt eraus, muss een eng Strof bis zu 2180€ bezuelen. [https://www.innsbruck.gv.at/page.cfm?vpath=wohnen/wohnen/wohnsitzmeldungen]

Du kanns och, no Lëtzebuerg, een zweeten Haaptwunnsëtz an Europa umellen. Wannste dat zu Innsbruck mëss, erméiglecht der dat no 3 Joer Haaptwunnsëtz d’Mietzinsbeihilfe unzefroen. [https://www.innsbruck.gv.at/page.cfm?vpath=wohnen/foerderungen/mietzins--und-annuitaetenbeihilfe]



## Sport

Als di Éisträichesch Haaptstad vum Sport ass Innsbruck déi Sportsstad schlechthin. Am Wanter stinn natierlech Schi a Snowboard am Mëttelpunkt. Innsbruck ass ëmgi vu ville Schigebidder an et ass méiglech innerhalb vun 20 Minutten op der Pist ze stoen. Hei gehéiert et zum Alldag mat de Schi duerch d'Stad ze lafen. [https://www.innsbruck.info/skifahren/olympia-skiworld/die-9-skigebiete.html]



Am Summer hueste natierlech nach vill méi Méiglechkeeten. Vu Vëlo, Schwamme bis zum Klamme fënnste hei alles, wat däi Sportlerhäerz sech wënscht. [https://www.innsbruck.info/erleben/sommersport/sommerfeeling.html]

Wannste sportlech bass a gäre Schi fiers, dann ass d'Freizeitticket Tirol definitiv ze empfeelen. Dësen ass d'ganz Joer gülteg a gëllt an de Schigebidder ëm Innsbruck als Schipass, als Entrée a verschidde Muséeën a nach vill méi. [https://www.freizeitticket.at]



Du hues awer och d'Méiglechkeet dech op der USI (Universitäts-Sportinstitut Innsbruck) fir wéineg Geld an engem Sportskuer unzemellen. Et gi ganz vill verschidde Sportaarten ugebueden, souwuel Indoor wéi och Outdoor. Wichteg ass et, dass de dech rechtzäiteg umells, well d'Plaze si limitéiert a schnell fort. Also soubal den Datum (meeschtens Méindes virum Semesterstart) bekannt ass, direkt online umellen!
[https://usi.uibk.ac.at/usi/page]



## Kultur, Fräizäit & Events

Schi fueren am Wanter, wanderen am Summer… mee och d'Kultur dierf net feelen! Zu Innsbruck hues du vill Méiglechkeeten deng Fräizäit ze gestalten.

Kulturell gëtt et dengem Kapp zu Innsbruck net langweileg. Hei hueste d'Goldenes Dachl, d'Hofbuuerg, di léiw kleng Alstad, den Alpenzoo an de Swarowski Kristallwelten. A wann et sollt reenen, da stinn der ebenfalls eng ganz Partie u Muséeën zur Auswiel. Hei virun allem den Tiroler Landesmuseum, wousste e Kombiticket kanns kafen, mat deemste dann an den Tiroler Volkskunstmuseum, d'Hofkirche, de Ferdinandeum (Modern Konscht), Zeughaus (Zäit- an Naturgeschicht) an den Tirol Panorama (risegt Rundgemälde op der Bergisel) kenns.
[https://www.innsbruck.info/sehenswuerdigkeiten/]
[http://www.tiroler-landesmuseen.at/page.cfm?vpath=index]
[https://kristallwelten.swarovski.com/Content.Node/wattens/index.de.html]



Och de Bierg ass optimal e puer fräi Stonnen ze verbréngen an d'Sonn ze genéissen. Dat kannste zu Innsbruck selwer entweder op der Nordkette oder um Patscherkofel maachen.
[https://www.nordkette.com/de/home.html]
[https://patscherkofelbahn.at/#winter]



Zu Innsbruck kannste awer och an den Theater goen. Am Tiroler Landestheater hueste als Student d'Méiglechkeet e Six Pack Abo ze huelen. Hei hueste 6 Virstellungen an 1 Symphonieconcert. Den Abo-Präis läit em di 60€.
[https://www.landestheater.at/karten-abo/abo-uebersicht/]




An der Olympiahalle fannen dann och reegelméisseg Concerten a Showe statt. Wat momentan oder an Zukunft zu Innsbruck stattfënnt, kuckste am Beschten um Internet. [https://www.oeticket.com]



## Krankenversécherung

Wannste eemol krank bass an du wëlls bei den Dokter goen, hueste d'Wiel tëschent Privatarzt/Wahlarzt a Kassenarzt.

Wannste zu Lëtzebuerg scho verséchert bass (wei all Mënsch zu Lëtzebuerg, z.B. bei der CNS), da kannste dech gratis bei der „Österreichischen Gesundheitskasse“ (ÖGK) mat denger Krankekeesskaart (Securité Sociale) an denger Studiëbestätegung registréiere loossen. Dat erméiglecht dir, bei all Kassenarzt ze goen, dee mat der TGKK en Vertrag huet, an dech behandelen ze loossen; TGKK iwwerhëllt d’Käschte vun der Visitt (amfong wei zu Lëtzebuerg).
Wannste awer léiwer bei en Privatarzt gees, da muss de d’Rechnung selwer bezuelen (ass meeschtens méi deier). Dono kanns du dann déi Rechnung un d’Krankekeess op Lëtzebuerg schecken, da krisste den Deel, deenste normalerweis zu Lëtzebuerg erëm géifs kréien, erëm..

Falls du an d’Klinik muss fir eng Urgence, muss de dech normal umelle mat denger Krankekeesskaart an et fale keng Käschte fir dech un. Dat kläert d’Klinik mat der Lëtzebuergescher Krankekeess. [https://www.tgkk.at/]

## Apps

***ÖBB Scotty***: Deng App fir den ëffentlechen Transport. Mat dëser fënnste de richtege Bus oder Tram a kanns kucke wéini a wou e kënnt.
***Studo***: Deng App fir däi Studium. Hei kannste dech mat dengem Uni-Account aloggen an hues souwuel deng Kuren, deng Mailen, deng Resultater, de Mensa-Menü a weider wichteg Informatiounen ëmmer dobäi.



# Seamless service in finance and trust

Growing and succeeding is a matter of grasping opportunities. Even if those opportunities are not next door. If your business is going strong, this could be the right moment for you to expand internationally.

On the map Luxembourg may be a small country, but its reputation as a financial center is big. What better place to launch your great European and global business venture?

Before you start, though, it's a good idea to engage a guide. One who can provide excellent legal and financial support to you and the parties you do business with. One who is down to earth, knows the local markets and speaks the language. One who comes up with realistic solutions to the challenges you face. The guide you are looking for is United.

United is an independent provider of financial and trust services with a truly personal approach. We unite disciplines, connect networks and cross borders to bring you the services you need and deserve.

United Luxembourg is one of our key units, offering our full range of corporate, investment industry and private wealth services, with particularly strong capabilities in investment structures – both regulated and unregulated. We operate under strict supervision of Luxembourg's regulatory body, the *Commission de Surveillance du Secteur Financier* (CSSF).

Our dedicated, experienced and multi-lingual team of 50 staff operates directly from within the local financial community. We know the ins and outs of the jurisdiction and the wide variety of legal structures available.

So why not make Luxembourg the base for your great European and global business venture? And what better partner to have by your side than United Luxembourg?
Contact us to learn more about what we can do for you and your company. We look forward to discussing potential solutions with you.

**Gérard Matheis**
*Managing Director Luxembourg*
gerard.matheis@uibt.lu

**www.uibt.com**

united



# D’Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck

## Den LSI

Mir als Vetrieder vun de Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck sinn Responsabel den Studenten an hirem Alldag ze hëllefen an ze ënnerstëtzen. Als Plattform vir mat eise Studenten ze kommunizéieren benotze mer d’Säit vun de Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck an de Siggi op Facebook
Weider steet eis Website www.lsi-students.at vir weider Informatiounen zur Verfügung. Eng weider wichteg Säit ass d’Mitfahrbörse IBK-Lux / Lux-IBK wous du däin Transport vir op Lëtzebuerg oder op Innsbruck organiséieren kanns.

Dat ganzt Joer iwwer bidden mir verschidden Eventer wou all Mënsch mat enger Memberskaart vun eis kann deel huelen. Dëst sinn ënnert anerem Bowling, Daf, Pub Quiz, Beerpong Tournoi oder eisen Welcome Owend. Donieft organiséieren mir och traditionell ee Bal mat dem Wiener Cercle (LSW) zesummen am Februar zu Lëtzebuerg, den Hüttenzauber. Als Intercercle ginn mer zesummen mat Lëtzebuerger aus aneren Stied op den Ugly Skiing Day an d’Axamer Lizum. Am Summersemester 2019 konnten mir do 3 Busser mat 150 Leit fëllen an sinn domat een vun deen gréissten Intercerclen iwwerhaapt.

Mir stinn an engem enken Kontakt mat der ACEL an bedeelegen eis dofir och un der Organisatioun vum Studentebal an huelen och ëmmer um Tournoi de Noël um Geesseknäppchen deel.

## De Siggi

Servus!

Ech sinn de Siggi! Di eng nenne mech d'Maskottchen, ech nenne mech d'Murmeldéier vum LSI!

Mee ech sinn net nëmmen iergendeen Murmeldéier aus den Alpen. Ech sinn dat éischt Lëtzebuerger Murmeldéier wat sech selwer als Influencer bezeechnen dierf! Ech bedreiwen nämlech héich professionell en eegene Facebook-, LinkedIn- an Instagram-Account! Op de soziale Medie kanns du also meng Lëtzebuerger Studenten op Events verfollegen oder meng Schikënscht bewonneren. Duerno kriss du natierlech och jeeweils eng wëssenschaftlech, sou wéi ech dat brav op der Uni geléiert hunn, Publikatioun wat alles sou geschitt ass. Donieft halen ech meng Community och ëmmer iwwert Neiegkeeten a kommend Manifestatioune vum LSI um Lafenden. Wannste also zu Innsbruck bass, komm bis laanscht kucken! Du kriss sou ze soen e gratis Meet&Greet an natierlech dierfste mer och een ausginn! Net sou wei meng Studenten, drénken ech mol heiansdo gären een iwwert den Duuscht a si frou wann mech



herno ee mat Heem hëlt. Als studéiert Murmeldéier dierf een sech jo och net ëmmer ze sérieux huelen.

An natierlech kann ech och net permanent um Bierg sinn. Dofir hëllefen ech menge fläissege Studenten. Sollste also eng oder och e puer méi Froen hunn, zeck net mer ze schreiwen an ech stinn der Ried an Äntwert.

A wannste och keng Froen hues, dann dierfste mech gären adden a followen!

Pfiat di a bis geschwënn!

**Siggi LSI** **siggi_lsi**

**LSI - Lëtzebueger Studenten Innsbruck**

**LSI - Lëtzebueger Studenten Innsbruck a.s.b.l**

**contact@lsi-students.at**

**www.lsi-students.at**


DIE BOERSE
RIDE THE BIKE YOU ALWAYS WANTED!
Rental bikes and equipment
Repair, parts and service
Centrally in Innsbruck and Mutters
Bikeguiding and guided tours
Best brands in town
DIE BOERSE
SELECTED GEAR SINCE 1980
Leopoldstr. 4
6020 Innsbruck
+43 512 581742
dieboerse.at



# De Comité







**Carlo Glod**
President
Architektur & Sport, LFU

**Lynn Faber**
Vize-Presidentin &
Sekretärin
Pharmazie, LFU

**Tim Urbany**
Vize-President &
Merchandise
Mechatronik, LFU



**Paul Krecké**
Sekretär
WiWi, LFU



**Jannik Holz**
Tresorier
WiWi, LFU



**Christine Scherentz**
Webmaster
Sprachwissenschaft, LFU



**Nora Bohler**
Eventmanager
Geschicht, LFU



**Philippe Schintgen**
Eventmanager
Geografie, LFU



**Henrik Picco**
Eventmanager
WiWi, LFU



**Yann Dos Santos**
Eventmanager
Geografie, LFU



# Den Nol op de Kapp

**Leopold-Franzens Universität**
Innrain 52, 6020 Innsbruck
Homepage: www.uibk.ac.at
Tel. 0043 512 507-0

**Medizinische Universität Innsbruck**
Innrain 52, 6020 Innsbruck
Homepage: www.i-med.ac.at
Tel. 0043 512 9003-0
Email: medizin-studienangelegenheiten@i-med.ac.at

**MCI - Management Center Innsbruck**
Universitätsstraße 15, 6020 Innsbruck
Homepage: www.mci.edu
Tel. 0043 512 2070-0
Email: office@mci.edu

**fh gesundheit Innsbruck**
Innrain 98, 6020 Innsbruck
Homepage: www.fhg-tirol.ac.at
Tel. 0043 512 5322
Email: info@fhg-tirol.ac.at

**azw Innsbruck**
Innrain 98, 6020 Innsbruck
Homepage: www.azw.ac.at
Tel. 0043 512 5322-0
Email: info@azw.ac.at

**UMIT**
Eduard-Wallnöfer-Zentrum 1, 6060 Hall i. T.
Homepage: www.umit.at
Tel. 0043 50-8648-3000
Email: lehre@umit.at

**Universität Mozarteum**
Innrain 15, 6020 Innsbruck
Tel. 0043 662 6198 3310
Email: robert.schiller@moz.ac.at

**Stadtmagistrat Innsbruck**
Maria-Theresien-Straße 18, 6020 Innsbruck
Homepage: www.innsbruck.at
Tel. 0043 512 5360-0
Email: kontakt@innsbruck.gv.at

**Honorarkonsulat Innsbruck**
Wilhelm-Greil-Straße, 5, 6020 Innsbruck
Tel. 0043-512-504-81620
Email: luxemburgisches.konsulat@hausmann.tirol

**Botschaft von Luxemburg in Österreich**
Sternwartestraße 81, 1180 Wien
Homepage: www.vienne.mae.lu
Tel. 0043 1 478 21 42
Email: vienne.amb@mae.etat.lu

**Cedies**
18-20 Montée de la Pétrusse, 2327 Luxembourg
Homepage: www.cedies.public.lu
Tel. 00352 247-88650
Email: cedies@mcesr.etat.lu

**ACEL**
2 Avenue de l'Université, 4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: www.acel.lu
Email: contact@acel.lu

# Impressum


## Editeur
Lëtzebuerger Studenten Innsbruck a.s.b.l.
2, Avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: **lsi-students.at**
Email: **contact@lsi-students.at**

## Redakteren

| | |
|---|---|
| Editioun 2019 | Louis Bleser, Frank Jagusch, Caroline Lemmer, Magali Terreri |
| Editioun 2020 | Frank Jagusch, Caroline Lemmer, Magali Terreri, Lynn Faber |
| Editioun 2021 | Frank. Jagusch, Lynn Faber |

## Layout an Design

| | |
|---|---|
| Original 2019 | Frank Jagusch |
| Editioun 2020 | Frank Jagusch |
| Editioun 2021 | Frank Jagusch, Lynn Faber |

## Fotoen
Mat frëndlecher Erlaabnis vun der Stad Innsbruck (https://www.innsbruckphoto.at/extern/) (© TVB Innsbruck)
Mat frëndlecher Erlaabnis vun der Medezinischer Universitéit Innsbruck
Mat frëndlecher Erlaabnis vum Management Center Innsbruck

## Editioun N°3
Original 2019




# DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER DER UNI?

## MIR SINN D'ACEL, DE STUDENTEVERTRIEDER ZU LËTZEBUERG!

ACEL
de Studentevertrieder

Mir si fir dech do:
virun, während an no dengem Studium.

Mam **GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT & DIPLÔMÉ** hues du all d'Infoen fir de Start an den Ofschloss vun dengem Studium. Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Uni.



---



Mir vertrieden deng Rechter an Interessen, wéi zum Beispill bei der **STUDENTEBOURSE** oder dem **GRATIS ËFFENTLECHEN TRANSPORT.**

---

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, gréissten Open-Air Bal fir Studenten, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zesummen.



acel.lu    contact@acel.lu    acel.lu/fb


LSI
LETZEBUERGER STUDENTEN INNSBRUCK